PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/08/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Am Kader vun der parlamentarescher Fro n°2549, huet de Mobilitéitsminister erkläert, dass et beim Ausbau vum Wifi an den Zich vum CFL duerch d'Covid-19 Pandemie wäert zu Verspéidunge kommen an dass *"am Moment [net geplangt ass], fir dat aktuellt Zuch-Material mat Wifi z'ekipéieren."* An de momentan benotzen Zich soll also kee Wifi soll agebaut ginn, nëmmen an de bestallten, néien Zich.
Gläichzäiteg kann een um Site vum CFL liesen:

> *"Die 34 bei Alstom bestellten Züge der neuen 2400er- Serie (Typ „Coradia“) werden mit einem Wi-Fi-Verbindungssystem ausgestattet und verstärken die bestehende CFL-Flotte bis Dezember 2024. In der Zwischenzeit wird die Installation von Wi-Fi auf bestehendem Material untersucht, insbesondere für DOSTO-Züge."*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. An wéi villen Zich kënnen d'Passagéier momentan vu fräiem Wifi profitéieren?
2. An wéi villen Busser kënnen d'Passagéier momentan vu fräiem Wifi profitéieren?
3. Bis wéini plangt de Ministère Wifi op allen Zuchstrecke kënnen z'assuréieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député